



STAY HOME AND LET IT GROW!



Dass mir all vill méi doheem sinn wéi soss huet och Auswierkungen op eis Ernierung. Amplaz an d'Kantin ze goen oder séier eppes beim Take away matzehuelen an um Wee vun A op B z'iessen huelen sech déi Meescht vun eis mol nees Zäit fir méi selwer ze kachen (oder doheem gekacht ze kréien).

Ma firwat dann net och direkt säin eegent Geméis oder seng Kraider verschaffen? Et ass grad déi ideal Zäit fir nei Geméisarten oder Kraider ze séien. Dat Bescht drun ass dass de mol keen groussen Gaart brauchst mee dass de souguer an der Wunneng oder um Balcon an engem Blummendëppen e bëssen Gäertner spillen kanns.

Perfekt Konditiounen also de Moment wou mir souwisou net eraus däerfen. Hei e puer Iddien wat's du alles züchten kanns. De Som fënns de z.B. am Supermarché oder am Blummebuttek.

Tomaten

D'Tomaten brauche Platz (also kuck dass de se an e grousst Blummendëppen séis), Wäermt a vill Luucht. Du kanns se awer dofir ouni Problem dobannen züchten a muss eben just eng Platz fir si fannen wou se genuch natierlech Dageslicht (wéi z.B. op enger Fënsterbänk) kréien. Tomates Cerises eegenen sech perfekt fir den Ubau doheem.



Réidercher

D'Réidercher kanns de ganz einfach an enger rechteckeger Jardinière séien. Sich hinnen eng schéi Platz op enger Fënsterbänk. D'Réidercher wuessen ganz séier an no nëmme e puer Wochen kanns de schonn deng éischt eegen Réidercher iessen.



Bratzelen

An der Primärschoul hues de bestëmmt méi wéi eng Kéier Bratzelen geséit a mat heem geholl. Dofir eegenen sech déi witzeg Blummendëppen a Form vun engem Kapp. Da gesinn d'Bratzelen aus wéi d'Hoer an du kanns hinnen au Besoin d'Spëtzen schneiden. Alternativ kanns de Cresson (Brunnenkresse) huelen.



Schiggeri

De Schiggeri brauch et kill an däischter. Am Wuelsten fillt hien sech am Keller. Wann däi Schiggeri bis aus dem Bueden erausluusst, kanns de z.B. en eidelen Rouleau Toilettëpabeier an d'Blummendëppen drop setzen fir dass en riicht wiisst.

P.S. Am Internet fënns du och nach nätzlech Tipps und Tricks. Ruff och roueg dengen Grousselteren un, déi wëssen och wéis du dech am Beschten em däin jonkt Geméis këmmers.

Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

